

# DE BËSCH ASS BESAT : BOBI BLEIFT

Nodeems scho jorelaang èm de geplangte Contournement tëscht Suessem a Käerjeng gestridde gëtt a verschidden Initiativen sech dogéint gewiert hunn, gi mir elo selwer aktiv. Mir sinn e generatiounsiwwergräifende Kollektiv énnert dem Numm bobbleift a setzen eis fir den Erhalt vum Zämerbësch a Bobësch a géint de geplangte Bau vum Contournement an.

Dës zwee Bëscher solle fir dei 4km laang Strooss ofgeholzt ginn. Net némmen dass et am Süde schonn net méi immens vill Bëscher ginn, sou droen déi zwee Bëscher tëscht Suessem a Käerjeng zu enger besserer Loftqualitéit bái, filtere CO<sub>2</sub> aus der Loft a gi vun de Leit aus de Gemengen als Erhuelungsplaz genotzt. Dës Weideren ass de Zämerbësch eng Natura2000 Zon, also e Naturschutzgebitt, an deem geschützten Déiere liewen (wei z.B vill Zorte Villercher, Molchen a Fliedermais).

Amplaz sech drëm ze këmmeren, dass den Autosverkéier erofgeet, investéiert eis Regierung léiwer nach Milliounen an eng néi Strooss, déi némmen zu méi Verkéier an der Zerstéierung vun zwee wäertvolle Bëscher féiere wäert! Et gi vill aner Mesuren (wei d'Investitioun an den éffentlechen Transport, P&R, Elektromobilitéit, Carsharing an intelligent Luuchte Systemer), déi d'Regierung treffe kéint, fir dem Klimawandel entgéint ze steieren.

De bobbleift Kollektiv setzt sech mat enger gewaltloser a friddlecher Bëschbesetzung (Waldbesetzung) fir d'Oprechterhale vun den zwee Bëscher an a fuerdert:

- E Stopp vun dësem a weidere Stroosseprojeten
- D'Protektioun vu sämtlechen nach existéierende Bëscher zu Lëtzebuerg
- Effizient, konsistent a séier Mesuren am Kampf géint d'Klimakris!

Dëst ass eng zäitlech begrenzte Warnbesetzung: mir bleiwe net fir èmmer, mee falls een ee Fanger un de Bësch leet, si mir rëm do!

## Wou fannt dir eis?

Eis Bëschbesetzung leit am Bobësch. Nom Waasserspäicher einfach de Wee weidergoen, 100m no enger Bänk lénks geet et riets bei engem "bobbleift" Banner an de Bësch eran.

## Wéi erreecht dir eis?

Eis Email Adress ass [bobbleift@riseup.net](mailto:bobbleift@riseup.net). Eisen Instagram : @bobbleift an eisen Twitter account: @bobbleift . Eis website: bobbleift.lu

## Reegelen an der Besetzung:

- Photoën vu Besetzer\*innen si net erlaabt. Strukturen an de Bësch kënne gäre photographiéiert ginn. Fir eis Identitéiten ze schützen wölle mir och net, dass Toun- oder Filmopname gemaach ginn.

- E puer Meter an de Bësch eran fänkt ee vum eis ugueluechte Wee un. Fir dem Bësch sou wéineg wéi méiglech ze schueden ass et immens wichteg, op deene Weeër ze bleiwen.
- Mir si net responsabel fir d Sécherheet vun de Leit. Eis Strukturen sinn eise Méiglechkeete no geséchert a ginn och vun eis aktiv genotzt a versuergt. Och d Benotzen vun de Kloterseeler geschitt op euge Gefor.



# THE FOREST IS OCCUPIED: BOBI STAYS!

Since there have been disagreements about the bypass between Bascharage and Sanem for many years and several initiatives already spoke up against it, it's our turn to be active. We are an intergenerational collective called bobibleift. We are committed to preserving the Zämerbësch and bathe Bobësch forests and against the planned construction of the bypass.

These two forests are to be cut down for the 4km long road. Not only are there few forests in the south anymore, but the two forests between Sanem and Bascharage contribute to better air quality and filter CO<sub>2</sub> from the air. Furthermore, they are used by the people from the communes as a place of recreation. Moreover, the Zämerbësch is a Natura2000 zone, meaning a nature reserve in which protected animals live (such as many species of birds, newts and bats).

Our government would rather invest millions more in a new road than take efficient action against the climate crisis. This bypass will generate even more traffic, and two forests will have been destroyed for its construction. The government could take many other measures (such as investment in public transport, P&R, electric mobility, car-sharing and intelligent lighting systems) to combat climate change.

The bobibleift collective stands with a non-violent and peaceful forest occupation for the maintenance of the two forests and demands:

- A stop to this and further road projects
- The protection of all existing forests in Luxembourg
- Efficient, consistent and rapid action in the fight against the climate crisis!

Our action is a temporary warning occupation: we will not stay forever, but if anyone tries to harm the forest, we'll be back!

## Where can you find us?

Our forest occupation is in the Bobësch. After the water storage, continue the path, 100m after a bench on the left, you enter a forest with a "bobibleift" banner on the right.

## How can you reach us?

Our email address is [bobibleift@riseup.net](mailto:bobibleift@riseup.net).

Our Instagram: @bobibleift and our Twitter account: @bobibleift. Our website: [bobibleift.lu](http://bobibleift.lu)

## Rules at the occupation camp:

- Photos of activists are not allowed. However, structures in the forest can be photographed. We do not want sound or film recordings to be made to protect our identities.
- A few meters into the forest, one of our paths starts. It is crucial to stay on these paths to do as little damage to the forest as possible.

- We are not responsible for people's safety. Our structures are secured to the best of our ability and actively used and maintained by us. The use of climbing ropes is also at your own risk.

